N°3004
Entrée le 28.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 3004 vum 8. Oktober 2025 vum Deputéierten Tom Weidig.**

***Fro 1:***

***Firwat gëtt et zu Lëtzebuerg keng Veteranenorganisatioun, déi d'Interesse vun alle fréieren Zaldote vun der aktueller Lëtzebuerger Arméi vertrëtt? Gesäit d'Regierung d'AMAM – déi laut hire Statuten op géigesäiteg Hëllef ausgeriicht ass – als Ersatz fir esou eng Organisatioun, obwuel si keng politesch Vertriedungsfunktioun huet?***

***Fro 2:***

***Plangt d'Regierung, d'Grënnung oder den Opbau vun enger nationaler Veteranenorganisatioun ze initiéieren oder ze ënnerstëtzen? Falls jo, wéi eng Schrëtt sinn dofir virgesinn a wéi een Zäitplang gëtt ugestrieft? Falls nee, aus wéi enge Grënn gëtt dorop verzicht?***

***Fro 3:***

***Wéi gëtt aktuell garantéiert, datt fréier Zaldoten, besonnesch Réckkéierer aus NATO-, EU- oder UN-Missiounen, adequat representéiert a betreit ginn, wa si kenger eegestänneger Veteranenorganisatioun kënnen ugehéieren? Gëtt et Iwwerleeungen, e spezielle Veteranestatus mat entspriechende Rechter a Leeschtungen anzeféieren?***

D'Direktioun fir Defense, zesumme mat der Arméi, féieren am Moment Iwwerleeungen iwwert d'Aéfierung vun engem Veteranestatut. An deem Kontext gëtt et och Iwwerleeungen iwwert d'Méiglechkeet Associatiounen als Vertriedung vun fréiere Militär als Veteranenorganisatioun unzeerkennen. Souwuel d'Aféiere vun engem Veteranestatut wéi d'Unerkenne vun Associatiounen an deem Kontext setzen d'Schafe vun engem legale Kader viraus.

D'Direktioun fir Defense an d'Arméi sinn am Kontakt mat der AACSPL (Associaton des Anciens Combattants de la Guerre 1939-1945, des Forces des Nations Unies et des Soldats de la Paix Luxembourgeois) a schaffen un Léisunge fir eng nohalteg Betreiung vu fréiere Militär anzesetzen.

Lëtzebuerg, de 28. Oktober 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes